



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An de leschte Jore sinn an der Autosindustrie eng Rëtsch interessant Sécherheetsequipementer virgestallt ginn. Ee rezent Beispill ass ee sougenannte Rechtsabbiegeassistent, bei dem Sensore vum Auto Vëlosfuerer erkennen, déi vun hannen ugefuer kommen an eng automatesch bremsung ausléisen. Aner Equipementer bidden dës automatesch Bremssystemer fir d'Verhënnere vu Frontalaccidenter mat Foussgängerer un. Och d'Beliichtung an den Autoen huet sech an de leschte Jore weiderentwéckelt, soudass Autoe mat LED anstatt mat Halogen equipéiert kënnen ginn.

All dës technesch Sécherheetmesuren existéieren a kënnen dozou bäidroen dat vun der Regierung deklaréiert Zil vun der VISION ZERO, dat heescht d'Reduzéierung vun de Stroossenaffer op 0, ze erreechen. De Mobilitéitsminister huet am Aktiounsplang "sécurité routière" d'Promotioun vu Sécherheetsequipementer als ee vun den Haaptdefien definéiert. Et ass natierlech ze betounen, dass den Abau vun esou Sécherheetsequipementer an den Autoe Geld kascht. Geld, wat virun allem déi sozial schwach Akommensklassen an eisem Land net hunn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wëll de Minister den Abau vu moderne Sécherheetsequipementer a lëtzebuergeschen Autoe promovéieren?
 - Falls jo, wéi soll dëst geschéien?
 - Falls nee, firwat ecartéiert de Minister dës Méiglechkeet?
2. Vu, dass ënnert der aktueller Regierung d'Luuchtepottoen op den Autobunnen ofgesät gi sinn, wär et do net sënnvoll, déi gespuerte Suen an d'Stroosésécherheet ze investéieren?
 - Falls dëst geplangt ass, a wéi eng Mesurë wëll de Minister dës Suen investéieren?
 - Ënnert dem Aspekt, wäert de Minister sech dofir asetze modern a sécher Beliichtungstechnologie fir Autoen, wéi zum Beispill de Xenon oder de LED, fir all Autofuerer méi zougängelech maachen?
3. Wëll d'Regierung de Kaf vu moderne Sécherheetsequipementer an Autoen, ähnlech wéi si et bei den Elektroautoe gemaach huet, subventionéieren?
 - Falls jo, fir wéi eng Sécherheetsequipementer ass dës virgesinn?
 - Falls nee, wéi kënnen sozial schwach Akommensklassen an de Genoss vu moderner a sécheren Autoe kommen?
4. Consideréiert d'Regierung iergendwann nëmmen nach Neiween zu Lëtzebuerg zouzeloossen, déi modern Sécherheetsequipementer virweise kënnen, wéi zum



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Beispill den automatesche Bremsassistent?

- Falls jo, ab wéi engem Datum gëtt dëst envisagéiert a fir wéi eng Sécherheetsequipementer?
- Falls nee, rechent d'Regierung domadder, dass de Marché dat vum selwe reegele wäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

